LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

N° 7236
Entrée le 20.12.2022

**Äntwert vun der Justizministesch Sam TANSON op d'parlamentaresch Fro N° 7236 vum 24. November 2022 vun den honorabelen Hären Deputéierten Sven CLEMENT an Marc GOERGEN zur Vorratsdatenspäicherung**

1. **Wäert d'Regierung elo endlech ee Gesetzesprojet deposéieren, fir d'Gesetz vum 30ten Mee 2005 ofzeänneren an d'Vorratsdatenspäicherung z'ënnerbannen?**

    - **Wa jo, wéini?**
    - **Wa nee, firwat net?**

D'Aarbeschten an d'Consultatiounen mat den concernéierten Acteuren sinn esou gudd wéi ofgeschloss. De Gesetzprojet wäert deemno Ufank vum näechste Joer am Regierungsrot présentéiert ginn.

**2. Firwat reagéiert d'Regierung hei an ënnerschiddlechem Moss op Urteeler vun der CJEU?**

Fir ze verhënneren, dass ët op EU Niveau zu fragmentéierten Législatiounen am Beräich vun der Datenspäicherung kënnt, huet Lëtzebuerg zesumme mat enger Majoritéit vu Memberstaten ëmmer fir eng europäesch Léisung plaidéiert, déi konform ass mat der Jurisprudenz vun der CJUE. Dat well ët hei ëm e ganz wichtegt Instrument an der Bekämpfung vun der Kriminalitéit geet, respektiv am Kader vun der nationaler Sécherheet, déi och déi europäesch Police a Justiz Kooperatioun staark impaktéiert.

Well esou eng europäesch Léisung nach ëmmer net an Aussiicht ass, huet de Justizministère d'Décisioun geholl e neien Gesetzesprojet auszeschaffen.

Lëtzebuerg, den 20. Dezember 2022.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson